

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Opgrond vum Corona-Virus, deen sech am asiatesche Raum rapid ausbreet, hu schonn eng sëllege Firmen an deem Gebitt hir Produktioun - zumindest temporär - agestallt. An deem Zesummenhank wisst och an der Europäescher Unioun d'Suerg, datt eng reell Gefor vun engem Enkpass vu Gidder aus Asie besteet, déi awer fir déi europäesch Wirtschaft - an domat och fir den Endverbraucher - noutwenneg sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Ass den Här Minister bis dato iwwert e méiglech Enkpass vu Gidder aus Asien informéiert?
2. Wa jo, ëm wéi eng Gidder handelt et sech hei a wéi gedenkt d'Regierung der Gefor vun engem Enkpass entgéintzewierken?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten